N° 7046
Entrée le 24.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Wéi een am Bichelchen „Le Luxembourg en chiffres 2022" vum Statec noliese kann, goufen et am Joer 2021 insgesamt 1266 Affer am Stroosseverkéier: 1242 Blesséierter (dovun 267 schwéier Blesséierter) a 24 Doudesaffer. Obschonns d'Zuel vun den Doudesaffer am Stroosseverkéier an deene leschte 40 Joer konstant erofgaangen ass, ginn et all Joer Mënschen, déi no engem Akzident gestuerwe sinn, well keng Éischt Hëllef geleescht konnt ginn, oder well se net séier genuch geleescht konnt ginn.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Aus wéi enge Grënn ass et fir Leit, déi de Führerschäin maachen, bis haut net obligatoresch, en Éischt-Hëllef-Cours ze maachen?
2) Kann d'Regierung preziséieren, ob envisagéiert gëtt, esou een obligatoreschen Éischt-Hëllef-Cours anzeféieren? Wa jo, vu weem géifen déi Coursen organiséiert ginn? Wieren déi Coursen gratis?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten